

Lëtzebuerg, den 30ten Oktober 2021

Communiqué

Am spéiden Owend vum Freideg, dem 29ten Oktober 2021, gouf de Präsidium vun der Piratepartei Lëtzebuerg iwwert d'Urteil viru Gericht betreffend den Här Daniel Frères informéiert, an huet direkt haut, um Samschden, dem 30ten Oktober um 10 Auer, eng Parteileedungssëtzung aberuff, fir bestëmmt a schnell op dëse Fait ze reagéieren.

Während der Sëtzung huet den Daniel Frères säin direkte Récktrëtt vun alle Parteiämter proposéiert - dorënner och säi Réckzuch aus dem Präsidium vun der Partei - an d'Parteileedung huet deen akzeptéiert.

Den Daniel Frères huet de Präsidium an d'Parteileedung informéiert, dass hien an Appell géint d'Urteil viru Gericht wäert goen an huet seng Perspektive verdeedegt, dass hien als Déiereschützer gehandelt huet, fir engem Déier an Nout ze hëllefen.

D'Piraten hunn ëmmer ënnerstrach, datt den Déiereschutz zu Lëtzebuerg endlech dee legale Kader kréie muss, deen esou dréngend néideg ass, fir all Déier an Nout legal a séier kënnen ze hëllefen. Dorun hält d'Partei fest a fuerdert och weiderhi mat Nodrock, dass den Déiereschutz zu Lëtzebuerg verbessert muss ginn.

